

MÉI EGALITÉIT? FIR MENG GEMENG E MEGA PLUS

D'GLÄICHSTELLUNG TËSCHT FRAEN A MÄNNER ASS MAT DEE WICHTEGSTE
SCHLËSSEL, FIR E GUTT ZESUMMELIEWEN AN DER GEMENG ZE GARANTÉIEREN.
EISE MINISTÈRE HËLLEFT IECH, FIR DÉI RICHTEG AKTIVITÉITEN ZE FANNEN,
DÉI BEI ÄR GEMENG PASSEN.

AKTIIONSBERÄICHER



EDUCATIOUN

Gepräägt duerch d'Erzéiung, eis Gesellschaft an eist Zesummeliewen, sinn eis Jéngste scho mat geschlechterbezunne Klischeeë konfrontéiert. Eise Ministère huet e ganze Katalog vun Ateliere ausgeschafft, déi d'Kanner op eng spilleresch Aart a Weis opklären, dass si all Beruff kënne léieren, deen hinne Spaass mécht an hiren Talenter entsprécht.

Bucht eis pedagogesch Ateliere fir Är Schoul oder Maison Relais op eisem Site www.rockmega.lu



VERÄINSLIEWEN

Eng Gemeng zeechent sech duerch hiert Veräinsliewen aus. Si kann och e positiven Afloss op d'Veräiner an d'Clubb ausüben, fir dass si eng Offer ubidden, déi fir béid Geschlechter interessant ass.

Encouragéiert d'Veräiner, fir sech mat de Schüler/Schülerinnen auszutauschen, a si fir Sportarten ze begeeschten, déi manner traditionell fir hiert Geschlecht sinn. Ënnersicht, ob Är Gemeng iwwer adequat Infrastrukture verfüügt, esouwuel fir Sportarten, déi majoritär vu Männer, wéi haaptsächlech vu Frae bedriwwen ginn. Frot d'Sportsclubb an och d'Veräiner am kulturelle Beräich, fir bei hire Portes Ouvertes speziell Reklamm ze maachen, fir nei Memberen aus dem bei hinnen ënnerrepresentéierte Geschlecht ze rekrutéieren.



MOBILITÉIT, INFRASTRUKTUREN

Mobilitéit betrëfft eis all, mee ass net ëmmer op déi eenzel Besoine vun eiser Bevëlkerung ausgeriicht, déi duerch déi dacks verschidde Liewenssituatiounen vu Fraen a Männer variéiere kënnen. Och d'Infrastruktur ronderëm d'Mobilitéit spillt eng wichteg Roll: sinn d'Busarrête gutt verdeelt a sécher z'erreechen? Sinn d'Horaires kompatibel mat de Besoine vun der Bevëlkerung?

Als Gemeng kënnt Dir eng Ëmfro bei den eenzelen Zilgruppe maachen, fir erauszefannen, ob d'Besoinen a Saache Mobilitéit an Transport op déi aktuell Offer passen. Dir kënnt och e „Ruffbus“ organiséieren, dee Kanner an de Sport oder Museksunterrecht féiere kann, oder eeler Leit bei hir Dokter/Doktesch-Rendezvous bréngen kann. E „Pedibus“, zesummegehalt aus Benevollen, erlaabt et, Kanner sécher an ekologesch an d'Schoul ze bréngen.



PREVENTIOUN VUN HAISLECHER GEWALT

Gewalt am Stot kënnt an alle soziale Schichte vir. Dofir ass si och ni eng Privatsaach, déi een einfach esou hin huelen oder toleréiere sollt. Als Gemeng kënnt Dir heibäi esouwuel präventiv virgoen, wéi och d'Affäre ënnerstëtzen.

Stellt den Affäre eng Wunnefméiglechkeet zur Verfügung. Sensibiliséiert d'Personal vum Office Social. Bucht eist interaktiiv Theaterstéck a féiert et an Är Gemeng op: <https://violence.lu/portfolio/le-theatre-forum>



› RESPONSABILITÉIT AN ENTSCHEEDUNGSKRAAF UM NIVEAU VUM PERSONAL

Eng gemischte Belegschaft steigert net nëmmen d'Zefriddenheet vum ganze Personal op der Aarbechtsplaz, mä och d'Produktivitéit, well bei all Entscheidung verschidde Bléckwénkele kënnen consideréiert ginn.

Ënnerstëtzt och Dir d'Mixitéit bei Ärem Personal. Beméit lech, fir béid Geschlechter op responsabel Posten opzestellen. Offréiert wa méiglech flexibel Aarbechtszäiten. Promouvéiert den Eltereongé net nëmme fir d'Fraen.



› RESPONSABILITÉIT AN ENTSCHEEDUNGSKRAAF UM NIVEAU VUN DE POLITESCHE RESPONSABELEN

Eng Mixitéit am Schaffen- an am Gemengerot féiert dozou, datt d'Bierger/Biergerinnen sech optimal vertruede spieren. Och wann d'Bevëlkerung d'Kandidaten/Kandidatinne wíelt, esou kann eng Gemeng awer dat ënnerrepresentéiert Geschlecht motivéieren, sech an der Politik z'engagéieren.

Sicht de Kontakt zu engagéierte Leit am Veräinsliewen a motivéiert si, de Schrëtt eriwwer an d'Politik ze woen. Suergt dofir, datt eng interesséiert Persoun eng gutt Aféierung an d'Roll vun der politescher Vertriedung an an d'Fonctionnement vun der Gemeng kritt. Bucht iwwert eise Ministère e Coach fir e Mentoring vu neie Kandidaten/Kandidatinnen. Organiséiert eng Porte Ouverte, wou Dir de Leit de politeschen Alldag an der Gemeng méi no bréngt.

Fir méi Informatiounen, kontaktéiert eis iwwer communes@mega.etat.lu



› FORMATIOUNEN

Dir wíllt als Gemeng Formatiounen ubidde fir eng aktiv Gläichstellungspolitik z'erméiglechen oder dës an den Alldag op der Aarbecht mat anzubannen?

Bitt de Membere vun Ärer consultativer Kommissioun, Ären Delegéierte fir d'Egalitéit, oder generell Ärem Personal Formatiounen iwwert d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer un. Kontaktéiert eis, fir méi iwwert d'Formatiounen déi vun eis an eise Partnerorganisatiounen ugebuede ginn, gewuer ze ginn: communes@mega.etat.lu



› INTERAKTIVE WORKSHOP

Organiséiert interaktiv Workshoppen zu Theme wéi Rollebillen, Sexismus oder Diskriminéierung am Alldag, déi Dir entweder an enger Konferenz fir d'Bevëlkerung, oder an enger Formatioun fir Äert Personal kënnit buchen.

Fir méi Informatiounen, kontaktéiert eis iwwer communes@mega.etat.lu



› GESCHLECHTERSENSIBEL SPROOCH AN DER KOMMUNIKATIOUN

Ob am Schrëftverkéier oder am Alldag, genee wéi an de soziale Medien, iwwerall spillt déi gewielte Kommunikatioun eng wichteg Roll.

Pass op geschlechtersensibel Formulatiounen op an ärem Gemegebuet, an op Ärem Internetsite. Maacht eng kritesch Analyse vun Ären offiziellen Dokumenter a Formulieren, aus dem Bléckwénkel vun der Gläichstellung tëscht Fraen a Männer.



› LUTTE GÉINT D'STEREOTYPEN

Wann Dir lech als Gemeng géint geschlechterbezunne Stereotypen engagéiere wíllt, da kënn Dir eng Ausstellung, eng Konferenz, e Concours, e Spill oder en anert Evenement organiséieren, mam Zil, d'Mënschen zum Nodenken iwwert déi festgeluechte Rolle vu Fraen a Männer an der Gesellschaft unzereegen.

Kontaktéiert de Ministère fir konkret Ureegungen oder Initiativen zu dësem Thema: communes@mega.etat.lu

WÉI KANN ECH MECH ALS GEMENG FIR D'GLÄICHSTELLUNG TËSCHT FRAEN A MÄNNER STAARK MAACHEN?

SICHT IECH DEN NIVEAU VUN DER ZESUMMENARBECHT MAT EISEM MINISTÈRE ERAUS, DEEN AM BESCHTEN BEI ÄR GEMENG PASST, MIR ËNNERSTËTZEN IECH DOBÄI:

+ PUNKTUELLT PARTENARIAT

Fir Iech ass d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer eng politesch Prioritéit, an Dir wëllt elo nach eng spezifesch Aktioun ëmsetzen? Mat enger punktueller Zesummenaarbecht un engem Projet mat eiseM Ministère kënn Dir d'Zesummeliewen an Ärer Bevëlkerung nach stäerken. Sicht Iech eng konkret Aktivitéit aus eiser Lëscht eraus, déi sech schonns an enger anerer Gemeng bewäert huet.

+ ERWEIDERT PARTENARIAT

Dir hutt schonn an der Vergaangenheet verschidden Aktiounen an Ärer Gemeng realiséiert, déi op déi ënnerschiddlech Besoine vu Fraen a Männer agaange sinn, a wëllt dës nach vervollstännegen, fir d'Wuelbefanne vu all Awunner/Awunnerin ze verbessern?

Sicht Iech zwou bis véier vun deene genannte Aktivitéiten (oder eege Projeten) eraus, a setzt dës zäitno, eventuell am Kader vun engem klengen Aktionsplang, ëm.

+ INTENSIIVT PARTENARIAT

Dir hutt bis elo nach keng aktiv Gläichstellungspolitik an Ärer Gemeng realiséiert a wësst net, wou ufänken, oder wat et alles un Aktivitéite gëtt, déi Dir als Gemeng kënn realiséieren? Dir wëllt d'Prinzipie vun der Gläichstellung och nohalteg bei Iech an der Gemeng verankeren?

Sicht Iech 5 oder méi vun de genannte Aktivitéiten (oder eegene Projeten) eraus, setzt se an engem Aktionsplang zesummen an ënnerschreift eventuell déi europäesch Charta vun der Gläichstellung tëscht Fraen a Männer op lokalem Plang.

{ ENGAGÉIERT IECH ELO AKTIV FIR MÉI EGALITÉIT OP ÄREM TERRITOIRE AN ÄR BEVËLKERUNG WÄERT IECH MERCI SOEN! }



Eis komplett Offer op
www.megagemengen.lu

f @luxembourgmega